N°8170
Entrée le 29.08.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 8170 vun der honorabeler Deputéierte Martine Hansen**

De Pilotprojet „Zesumme wuessen! – Alphabetiséierung op Franséisch" gëtt vum LUCET (Luxembourg Centre for Educational Testing) am Laf vun deenen nächste Joren am Kader vum nationale Schoulmonitoring, de längsschnëttlech ugeluechten Épreuves Standardisées (kuerz ÉpStan), wëssenschaftlech begleet. Dofir ginn d'ÉpStan och an deenen nächste Jore kontinuéierlech ausgebaut.

An de franséische Pilotklassen am éischte Joer vum Cycle 2 ginn, genau wéi an deene Klassen, déi op Däitsch alphabetiséiert ginn, Tester zum lëtzebuergeschen Héierverstoen an zur Mathematik duerchgefouert. Well an de franséische Pilotklassen den Accent net um Däitschen, mee um Franséische läit, ginn zur Erfaassung vun de Virleeferfäegkeete vun der Alphabetiséierung op Franséisch follgend zwee zousätzlech ÉpStan-Tester duerchgefouert:

- *compréhension de l'oral en français ;*
- *premiers pas vers l'écrit.*

Esou wéi fir déi aner ÉpStan-Tester, ginn dës konzeptuell änlech Tester vu Fuerscher an Enseignanten zesummen an Aarbechtsgruppen entwéckelt.

Nieft de Kompetenztester wäerten d'Schüler aus dem Pilotprojet och déi existéierend ÉpStan-Questionnairen zur Motivatioun, fir op Franséisch ze léieren, ausfëllen. D'Elterequestionnairen, wéi et se haut gëtt, ginn net just duerchgefouert, mee och erweidert (zum Beispill am Bezuch op d'Aart a Weis, wéi Elteren hir sproochlech Méiglechkeeten aschätzen, hir Kanner an hirem schoulesche Léieren ze ënnerstëtzen).

Schliisslech wäerten och Reflexiounsgruppen an d'Liewe geruff ginn, an deene sech mat den Elteren iwwer d'Wuelbefanne vun de Kanner an d'Méiglechkeete vun den Elteren, fir de Léierprozess ze ënnerstëtzen, berode gëtt.

Fir méi Informatiounen zum Pilotprojet invitéiere mir Iech, den Internetsite https://alpha.script.lu ze consultéieren.

Fir d'Objektivitéit ze garantéieren, gouf en externe Partner mat der Etude beoptraagt.

Lëtzebuerg, den 29. August 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH